Populismus – 14.06.2018

Wat ass eigentlech genee Populismus?

Dat Wuert „Populismus“ gëtt oft benotzt. Eng wierklech eenheetlech Definitioun gëtt et allerdéngs net.

Am politeschen Discours benotze Politiker a Politikerinnen dëst Wuert oft, fir aneren ze ënnerstellen, net éierlech ze sinn, mat Vereinfachungen ze manipuléieren oder duerch Viruerteeler opzestëppelen.

Allgemeng ass mat Populismus meeschtens gemengt, dass probéiert gëtt, Massen ze begeeschteren, duerch Vereinfachungen oder Verspriechen, déi wahrscheinlech net kënne gehale ginn.
Populiste benotzen och dacks Emotioune fir hire Message eriwwerzebréngen.

Populismus ass also an der Regel e Politikstil, deen aneren, an dësem Fall de politesche Géigner a Géignerinnen, gären ënnerstellt an net eppes, wat ee vu sech selwer soe géif.

An de Politik-, Medië- oder anere Sozialwëssenschaften gëtt de Populismus oft als eng Usammlung vu gewëssen Aarte vun der Kommunikatioun beschriwwen.

Et ass ee sech oneens, ob Populismus u sech grondsätzlech eng Gefor fir d’Demokratie ass oder ob en en Deel vun engem represäntative System ass. Populismus gëtt vun eenzele Fuerscher a Fuerscherinnen als e Reflex ob d’Versoe vun der bestoender Politik an traditionellen Institutiounen zeréckgefouert.

De Begréff kënnt aus dem Laténgeschen *Populus*, d’Vollek.

Beim Populismus gëtt sech traditionell un een eenheetlecht Vollek geriicht, dat angeblech vernoléissegt ass. Dëst Vollek gëtt meeschtens mat positiven Eegenschafte beschriwwen. Ee Grond, firwat sech Leit séier mat dëser Grupp identifizéieren.

Fir dëst Gruppegefill méi staark ze maachen, gëtt och Ofgrenzung als ee Mëttel benotzt. Et gëtt d’Vollek an déi aner. Dacks gëtt dofir mat bestëmmte Feindbiller geschafft. D’Schold fir Ongerechtegkeeten kréien deemno bestëmmte Gruppen.

Eng vun de Gruppe sinn z.B. sougenannten Elitten. Domat si Leit oder Gruppe gemengt, déi politesch oder kulturell méi Afloss hunn oder och méi räich sinn. Dës Elite géif hir Muecht mëssbrauchen an d’Interesse vun de normale Leit ignoréieren. Si géife soumat géint d’Interesse vum Vollek schaffen.

Aner Schëlleger sinn dacks marginaliséiert Gruppen. Sozial, ethnesch, reliéis oder sproochlech Minoritéiten ginn oft als Profiteuren a Schmarotzer duergestallt, deenen de Staat hëlleft an dobäi déi „éierlech“ Leit vergësst.

Och Personaliséierung spillt am Populismus eng wichteg Roll. Leit, déi als staark, authentesch a charismatesch Leader am Virdergrond stinn.

POLITIKLEXIKON

Ee Vereinfache vu politeschen a gesellschaftlechen Zesummenhäng, wéi och en Appell u Gefiller sinn oft Deel vun sou engem Féierungsstil. Grad an Zäite vu Krisen, gëtt dës Method genotzt fir duerch Onzefriddenheet ze mobiliséieren an allgemeng Onsécherheete geziilt unzeschwätzen.

Populismus ass also net een Inhalt, mee eng Bezéiung zu de Bierger an eng Manéier fir Politik ze maachen. E kann also genotzt a gefëllt gi mat ënnerschiddlechen Iddien. Populismus ka sech all Situatioun upasse – mee positionéiert sech meeschtens géint dat, wat etabléiert ass. Dowéinst muss et haut beim Populismus net ëm een tatsächlecht Vollek goen, mee éischter em eng bestëmmte Liewenswelt. Populismus ass also oft den Dram vun enger idealiséierter Welt, déi et ni gouf, an déi een awer zeréck wëll. Dës Welt steet an engem klore Kontrast zu der Welt, an där ee lieft a géint déi ee kämpfe wëll. Eng gemeinsam Identifikatioun iwwer dës Welt, ass dat, wat Leit am Populismus zesummebréngt.